N° 3941
Entrée le 20.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

D'Justizministesch schreift an hirer Äntwert op meng Fro (n°3800), dass een Dierwiechter, deen een Dierschlass beschiedegt, dëst dierf an d'Dierschlass duerno souguer muss ersetzen. Den Dierwiechter dierf dat och, wann d'Wunneng enger anerer Persoun gehéiert, déi net vun der Justizentscheedung betraff ass. Dëst mécht et u sech einfach fir d'Autoritéiten, fir d'Schlass einfach dierfe mat Gewalt opzemaachen, ouni Récksiicht op Verloschter. Fir Proprietairen, déi net iwwert d'Fäll vun hire Locatairen informéiert sinn, ass dëst net fair.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wien muss d'Käschte bezuelen, wann een Dierschlass vun engem Dierwiechter futti gemaach gëtt?
2. D'Ministesch schreift och, dass den Dierwiechter keng Méiglechkeet fir erauszefannen, wien de Proprietaire vun enger Wunneng ass. Kann den Dierwiechter heifir net einfach op de Kadaster kucke goen, esou wéi Privatpersounen dat och schonn iwwert Myguichet haut maache kënnen? (https://guichet.public.lu/de/citoyens/logement/acquisition/copropriete/extrait-cadastral.html)

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés